N°2216
Entrée le 14.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Réponse du Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité à la question parlementaire n°2216 du 14 avril 2025 de l'honorable député Monsieur Paul Galles concernant «Exploitation minière sous-marine et accords environnementaux»**

1. **Ass d'Regierung gewëllt sech den 32 Länner unzeschléissen déi e Moratorium fir de Mieresbuedembergbau fuerderen?**

Fir Lëtzebuerg ass de "Principe de Precautioun" en essentielt Element dat eis Positiounen an Entscheedungen am Kontext vun der Ëmwelt guidéiert. Am spezifesche Fall vum Mieresbuedemofbau ass Lëtzebuerg dofir weiderhi fir e Moratorium bis  kloer ka nogewise ginn, datt esou Aktivitéite keng signifikant negativ Impakter op d'Ëmwelt hunn.

2. **Wéi gedenkt d'Regierung mat der Situatioun ëmzegoen, dass international Ëmweltaccorden an Zukunft ënnergruewe kéinte ginn?**

Ëmweltaccorde gi scho säit längerer Zäit vun där enger oder anerer Säit ënnergruewen. Déi aktuell Tendenz ass deemno net nei, och wann se an hirer Virulenz an der aktueller geopolitescher Situatioun méi extrem ze si schéngt.

Lëtzebuerg wäert weiderhi matt de Partner vum Multilateralismus dru schaffen, fir d'Accorden oprecht ze erhalen, déi de Garant fir eng méi gesond Welt sinn. An deem Kontext ass et och wichteg, datt mir déi positiv Impakter fir de Mënsch an d'Natur an d'Vitrinn stellen an domadder weisen, datt et grad duerch déi multilateral Kooperatioun ass, datt mir e méi liewenswäerte Planéit fir d'Natur an d'Matmënschen erschafen.

Luxembourg, le 14 mai 2025
(s.) Serge Wilmes
Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité